

D’Goss- respektiv d’Stolerschmëlzung op der Belvaler Schmelz vun 1911 bis haut.

Den 30. Oktober 2011 waren et exakt 100 Joer hier, dass op der Schmelz Belval den éischten Héichuewen ënner Feier gesat ginn ass.

D’Belvaler Schmelz huet net ëmmer esou geheescht. Si gouf nämlech vun 1909-1912 vun der „Abteilung Aachener-Hütten-Verein der Gelsenkirchener Bergwerks-Aktien Gesellschaft“ gebaut an hat dann de Numm Adolf-Emil-Hütte kritt an dat no den 2 Ingenieuren Adolf an Emil Kirdorf vun der Gesellschaft. Et war deemools eng vun deene modernste Schmelze vun Europa; eng Erweiterung vun deene 6 Héichuewen op 8 war geplangt, koom awer spéider nët zur Ausféierung. No deem vun Däitschland verluerene Krich 1914/18 ass d’Adolf-Emil-Hütte an d’Hänn vun der Société Métallurgique des Terres-Rouges an 1936 an de Besëtz vun der ARBED iwwergaang a gouf vun elo un Division d’Esch-Belval genannt.




Foto 1: Héichuewen I bis VI -
Vue vun der Wanderhëtzerseit

1911 – Ufueren vun der Adolf-
Emil-Hütte

1919 - Usine de Belval
genannt

1937 - ARBED: Division
d’Esch-Belval vun elo un

No dem 2. Weltkrich goufen déi 6 Héichuewe vergréissert an d’Wanderhëtzer moderniséiert.

An de 50er Joeren sinn déi 6 Thomaskonverter vu 25 t durch méi grousser vun 35 t ersat ginn; 1967 goufen 2 LDAC-Konverter vun 125 t installéiert, déi 1976 durch 2 Cuven vun 150 t , spéider dann durch deerer vun 180 t ersat goufen.

Virun der Krisis waren op Belval 10 Walzstroossen a Betrib.

An de Joeren 1962 bis 1979 sinn déi 6 Héichiewen duerch 3 grousser, ganz neier ersat ginn an zwar duerch den „A-B an C“, sougenannt „Großraumhochöfen“. Entre-temps war och déi ganz Lëtzebuerger Gossproduktioun op Belval zentraliséiert ginn. Dee 4. geplangten Uewen, den „D“, ass wéinst der Krisis net méi gebaut ginn.

Déi 3 Iewe konnten zesummen all Dag 9700 t Goss produzéieren; dobäi huet den „A“ 2200 t, de „B“ 3000 t an den „C“ 4500 t am Dag erschmolz. Heimadder sinn an deene 5 Schmelzen am Süde vum Land 12000 t Faerdegproduiten an de Walzwierker hiergestallt ginn; wann een dësen Tonnage mat Eisebunnschwaggonen oder Camione verschéckt, da mussen all Dag 400-500 Unitéiten d'Land verloossen.

Den Héichuewen „C“, 1996 no China geplënnert, war ee Gigant mat engem bannenzege Gestellduerchmiesser vun 11,2 m an enger Gesamthéicht vun 98 m.



Foto 2: 1979- Déi 3 nei Héich-
iewen A-B-C

Am Hannergrond: Dwight-Lloyd
Sinteranlag

Am Vierdergrond: Gebléis- an
d'Dynamo-Zentral

28.8.1997: Stéllsetzen vun dem
leschten Héichuewen, dem B

An den 90er Joeren huet d'ARBED-Generaldirektioun da beschloss den Héichueweprocédé mat senger komplexer Dwight Lloyd Agglomeratioun opzeginn an op d'Elektrouewen-Filière iwwerzegoen.

Den 28. August 1997 ass dann am leschten Héichuewen, et war dat de "B", d'Feier fir ëmmer geläsch ginn. Dësen Uewen "B" huet a senger 27 Joer 20 Milliounen t Goss erschmolz; domadder goufe 25 Milliounen t Walzprodukte fabrizéiert. Gläichzäiteg sinn och 12 Milliounen t flësseg Schlak aus dem Uewen "B" gelof.

No enger parlamentarescher Ufro vun 3 Deputéierten aus dem Süden, an zwar dem Jhang Spautz, dem Marcel Glesener an dem Lydia Mutsch, huet de Premierminister Jean-Claude Juncker dann decidéiert dass déi 2 Uewen „A“ an „B“ musse stoe bleiwen; wier et nämlech no énzelen Leit vun der ARBED-Generaldirektioun gaangen, da wier alles ofgerappt ginn fir dann als Schrott am Elektrouewen anzeschmelzen, esou dass haut dann näischt méi vun där grandioser Lëtzebuerger Stolära hei ze gesi wier.

Wat bleiwt dann elo vun deenen 2 Héichuewen nach stoen?

Den Uewen „A“ soll integral erhale ginn, soen de Kulturminister an de Fonds Belval; dat stëmmt leider net, well schonn eng gutt Partie Installatiounen hei ofgerappt goufen!

Et ass och den Uewen „A“, dee vum 4. Juli 2014 un ze besichen ass.

De Bau vun deem an der Géisschal vum Uewen "A" geplangte „Centre national de la culture industrielle“, och CNCI genannt, ass wéinst Spuermoosnamen zeréckgestallt ginn.

Vum Uewen "B" bleift leedeglech d"Skelett, aner Leit nennen dat „d'Silhouette“, stoen, mat als Highlight op der Uewegicht, dee vum Paul

Wurth-Chef Edouard Legille a senger Equipe entwéckelte formidable "Gueulard sans cloches"; et ass dat déi bedeutenst Lëtzebuerger Erfindung an der Stolindustrie. Den Uewe „B“ ass no Decisioun vum Fonds Belval fir de de Public net méi ze besichen; leedeglech zum Zweck vu Studien iwwert de „Glockenlose Gichtverschluss“ (= Bell less top) kann hei eng Erlaabnis zur Visite ënnert Féierung vun engem Guide erdeelt ginn.

Déi grouss Möllereihal (=halle des mélanges) vun dem Héichuewen „A“, wou fréier d'Minett, den Agglomerat an de Kok vollautomatesch gesift a gewie goufen éi se duerch déi 2 Skipween op d'Uewegicht gefouert si ginn, bleift deelweis erhalten an dat zu 2/3 vun der fréierer Anlag. Leider sinn déi finanziell Méttel fir d'Restauration vun dem Uewen „A“ all verbraucht, esou dass d'Möllerei „A“ an de nächste Joeren net ze besichen ass. Dee geplangte Panoramalift an d'Passerelle fir den Accès an den Uewen sinn aus dersélwechter Ursach gestrach ginn.

D'Möllerei vum Uewe „B“ ass ganz ausgeräumt ginn fir déi nei Bibliothéik vun der Universitéit heidran anzeriichten.



Foto 3: 23.11.2011:
D'Héichuewen A & B
virum Antikorrosiouns-
traitement

Wat ass dann elo no dem Wiessel vun der Héichuewen- an Thomaskonverterfilière op den Elektrostolprozess nach op Belval a Betrib?

Op dësem Wierk ginn quasi vun Ufank un bis och nach haut op der Strooss II déi ganz bekannten Palplanchen (= Spundwandbohlen) gewalzt. D'Belvaler Schmelz huet weltwäit déi gréisste Spundwandproduktioun opzeweisen an dat mat enger maximaler Breed vun 770 mm.

1996 gounge den Elektrouewe mat dem Poschenuewen an der Coulée continue a Betrib; de Gläichstrom-Elektrouewen, mat 1 Kuelenelektrod vun 750 mm Duerchmiesser mat enger Liichtbouspannung vun 1'000 V an engem maximale Stroum vun 120'000 A erschmëlzt maximal 4'000 t Stol pro Dag.

Am Wiesselstrom-Poschenuewen mat 3 Elektroden, och d'Kichen vum Stolwierk genannt, gëtt de Stol nach eng Kéier opgewiermt a kritt och d'Leegierungsajoutë bäigemëscht.

No dem Poschenuewen gëtt dann déi flësseg Charge iwwert d'Cuve vun der Coulée continue gesat fir hei déi 6 Géisssträng ze alimentéieren. D'Coulée, vum Paul Wurth gebaut, ass fir 900'000 t / Joer ausgeluet, kann awer fir 1'000'000 t ausgebaut ginn.

Déi nei Mëtteleisestrooss (TMB = Train Moyen Belval) ass 2005 ugefuer ginn; hei kënnen Profilstol an Träger bis 550 mm Héicht gewalzt ginn bei enger méiglecher Joeresproduktioun vun 1'000'000 t, en Tonnage deem awer bis elo nach net erreescht ginn ass.

Esouweit e kuerze Résumé iwert dee Belvaler Stolsite.

Déi Persounen déi méi iwwert d'Suite vum Erhale vum fréieren Héichuewesite op Belval wësse wëllen, kënnen sech am Sekretariat vun dem Fonds Belval, Tel. Nr. 26840-1, de „magazine“ bestellen. Dës

Publikatioun erschéint 4 mol am Joer, gëtt iech zougeschéckt an ass gratis.

An dëser Zeitschrëft gitt där och ganz ausféierlech iwwert d'Avancement vun deem neie Universitétssite op Belval informéiert.



Foto 4: 2012: Dat éischt Gebai vun der Universitéit, d'*Maison du Savoir*, am Bau

2015: Ufank vun den Unis-Coursen

Gales Robi - Oktober 2014

President vun der Amicale vun den Héichiewen A&B vu ProfilARBED Esch/Belval